ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Et ass Zäit, fir sech nees em all Patient ze këmmeren

Pressematdeelung vum 22. Abrëll 2020

Déi éischt dréngend Mesuren, déi fir d'Corona-Epidemie geholl gi sinn, ware logescherweis op dee Krankheetserreeger konzentréiert. Et ass – besonnesch am Gesondheetssecteur - net genuch un d'Besoinen vu Kranke geduecht ginn, déi schonn a Behandlung waren oder eng Behandlung fir e gesondheetleche Problem gebraucht hätten, deen net un de Corona-Virus gebonnen ass.

D'ADR verlaangt, datt déi medezinesch Grondversuergung esou wuel bei Generaliste wéi bei Spezialisten nees hiergestallt gëtt. Mat deenen néidege Sécherheetsprozeduren ass et méiglech, déi medezinesch Noutfallsituatioun ze beendegen.

D'Corona-Kris huet awer ganz séier gewisen, datt et onméiglech ass, de ganze Secteur vun der Gesondheet wéinst enger Viruserkrankung zouzemaachen. Dat geet zu Laaschte vum medezineschen Zerwiss fir Leit, déi reegelméisseg an Dokteschkontroll musse goen. Leit, déi zum Beispill Zännprotheesen ugepasst kréien, gehéieren och zu de Leidtragenden, well si provisoresch oder net richteg agestallten Apparater hunn a keen Zänndokter, deen nach eng Kéier géing duerno kucken.

Et gëtt och ganz vill medezinesch Beruffer, wou d'Tëleediagnos einfach net méiglech ass (Psychologen a Psychiater, fir nëmmen déi ze nennen). A fir vill Kranker ass de Kontakt mam Dokter vun hirem Vertrauen esou wichteg, datt eng Noutfallhëllef am Spidol fir si kaum a Fro kënnt. Och hei musse Leit, déi Hëllef brauchen, nees e normalen Zougang zur medezinescher Versuergung kréien.

Eng Normaliséierung vum medezinesche Secteur, natierlech ënnert deenen néidege Sécherheetsprozeduren, bei deenen d'Ustiechungsgefor fir de Patient wéi fir den Dokter esou wäit wéi méiglech ausgeschloss ass, muss zum aktuellen Zäitpunkt méiglech sinn. Dat wär och e Wee, fir d'finanziell Hëllef fir dës Beruffer nees zeréckfueren ze kënnen.

Den Exit ass eng Normaliséierung, awer eng Normaliséierung an e Liewe mam Corona-Virus. Duerfir muss och elo Schluss sinn dermat, de Leit Angscht ze maachen, esou datt si sech net méi bei hir Dokteren trauen a sech fir laang Zäit an hirer Wunneng verschanzen. Normaliséierung ass och méi Beweegungsfräiheet, ëmmer ënnert de néidege Sécherheetsmoossnamen.

D'ADR seet: Gitt de Patienten an den Dokteren hir medezinesch Autonomie elo erëm.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706